10.05.2007



# 100 Joer Harmonie Concorde Sanem

## 1906 - 2006

Archives
Commune de Sanem
N° 30

*Sous le haut patronage de L.L.A.A.R.R. le Grand-Duc et la Grande-Duchesse, du Ministère de la Culture, de l'Union Grand-Duc Adolphe et de la Commune de Sanem*

# De Marcel a seng Uniformen

De Marcel koum 1926 op d'Welt. Dëse Joergank gouf 1944 vun de Preisen agezunn a wéi vill aner Lëtzebuerger Jongen huet och de Marcel no engem Auswee gesicht fir net musse bei d'Preisen ze goen. Hie sollt sech an der Galerie zu Nidderkuer bei 120 anere Jongen verstoppen.

E puer Deeg virun deem gefaarte Stëchdatum, ass seng Famill iwwert e gebiertegen Däitschen, dee keen Nazi war, gewuer ginn, datt si schon op der Lëscht wiere fir ëmgesiddelt ze ginn, wann hire Jong sech net stelle géing.




Esou gong de Marcel an den Arbeitsdienst a koum vun do net méi heem mee direkt an d'Wehrmacht op Frankfurt un der Oder. Seng Kollegen, de Louis Baustert an de Jos. Roth sinn op Berlin/Spandau geschéckt ginn.
Chrëschtdag 1944 ass hien als Wachkommando op Thorn/ Bromberg komm, wou en nach fënnef Lëtzebuerger virfonnt huet. Hei war den Oberkommando an engem Schlass ënnerbruecht, wou d'Melderen d'Noriichten erabruecht hunn.

Enges Dags, wéi de Marcel Poste stong, huet e Melder d'Noriicht bruecht, d'Russe wieren 20 km vun hinnen ewech. Hien huet dat deem nächste Poste weider gemellt, mee et ass him net gegleeft ginn, dass hien déi Noriicht vun engem Melder hätt. Si hunn ugeholl hien hätt den englesche Radio gelauschtert an duerfir sollt hie virun d'Krichsgeriicht kommen. Well si et awer gutt mat him géinge mengen, sou sote se, hu se hien op Schwedt/ Oder un d'Front bei d'Artillerie geschéckt.

Do huet hie misse mat der d'Spähtrupp duerch de Schëtzegruef kundschafte goen. Wéi se vun de Russen entdeckt goufen, hunn déi geschoss. Doropshin

huet de preiseschen Ënneroffizéier ugekënnegt, hie géing net zouloossen, dass si vun de Russe gefaange géifen an duerfir géing hie si alleguer erschéissen an sech selwer duerno.

De Marcel war deen eenzege Lëtzebuerger. Et ass him gelonge fortzelafen a sech an enger Steekaul ze verstoppen. Wéi en de véierten Dag nach ëmmer a senger Stopp souz, hat en näischt méi ze drénken an och näischt méi z'iessen. Wann hien iwwerliewe wollt, ass him näischt anescht iwwereg bliwwe wéi aus senger Stopp erauszekommen an op d'Russen ze waarden.
Wéi d'Russe schliisslech laanscht koumen, huet hie säi Gewier an d'Luucht gehal an hinnen Tubak an Zigaretten offréiert. Hie krut e russesche Paltong vun hinnen an en huet e Mount laang Granate fir si erbäi geschleeft. Si haten ongeféier 1000 preisesch Gefaangener a si hunn de Marcel du mat deenen zesummen an e Lager op Bialistok un déi russesch-polnesch Grenz gescheckt. Moies si se an de Bësch schaffe gaang an owes gouf nogezielt op se all erëm do wieren. Spéider ass hie gewuer ginn, dass si fir Sibirie gemënzt waren.



De Marcel hat deemools just 18 Joer. Eng russesch Doktesch an Offizéieschuniform ass hie siche komm fir an der Infirmerie ze botzen. Si wollt wësse wou hien hierkéim an et huet sech erausgestallt, dass si esouguer wosst wou Lëtzebuerg léich. Doktesch, si huet Olga geheescht, huet de Jong an der Infirmerie gehal. Dat gong esou eng sechs Woche gutt, bis d'Olga an e Lazarett un d'Front gescheckt gouf. Eier si fort gong, huet si deem jonke Lëtzebuerger awer versprach, si géing derfir suergen, dass hien heem kéim.

Kuerz duerno koumen zwee russesch Offizéier mat zwee polneschen Zivilisten a soten zum Marcel de Krich wier fir hien eriwwer. Et ware Partisanen, déi fir d'Resistenz geschafft hunn. Si hunn de Marcel bei de Paschtouer an d'Duerf gefouert a vun do koum hien an e Lager bei 54 Fransousen, déi sollten heem gescheckt ginn. Elo konnt de Lëtzebuerger eng franséisch Uniform undoen an zwou Wochen drop koumen zwee russesch Offizéier an en Zaldot an dat klengt Lager fir si all zu Fouss Richtung Odessa ze féieren. Et gouf 1400 km

zréckzeleeën. All Dag hu se 30-40 km gemaach a bei Bauere geschlof an och do giess, wann déi eppes haten.
Zu Odessa si se an enger grousser Schoul entlaust an ënnerbruecht ginn. Jiddweree vun hinnen huet elo eng fonkelnei russesch Uniform kritt .

Enges Moies huet ee vun de russeschen Offizéier e Schëff un d'Tafel gemoolt. Du sinn déi Gefaangen 1 1/2 Stonn zu Fouss bis an den Hafe marschéiert, mee et war kee Schëff do. Si hunn dunn dee Wee all Dag gemaach, mee eréischt déi fëneft Kéier wou se dohi gongen, louch en englescht Schëff am Hafen. Do ware 1500 gefaange Fransousen an de Marcel erëm als eenzege Lëtzebuerger ënnert hinnen.



Um Schëff goufe si emol fir d'éischt iwwert en Dolmetscher verhéiert. D'Elsässer konnten net vill franséisch an de Marcel och net. Du huet hien einfach däitsch geschwat. Si waren natierlech doriwwer verwonnert an hunn hie gefrot:
„Du bass Fransous, mee du schwätz däitsch?"
„Jo", huet hie verzielt „ech sinn zu Metz gebuer an zu Lëtzebuerg an d'Schoul gaang an do gëtt däitsch geschwat."
Esou konnt hien um Schëff bleiwen, mee d'Elsässer net.

Zu Istanbul hunn d'Russen d'Schëff verlooss an d'Englänner konnte fir sechs Stonnen erof goen. Hei huet de Marcel deem englesche Kapitän gesot hie wier Lëtzebuerger. Wéi si op Marseille koumen, konnt hien d'Schëff verloossen, seng Pabeiere louche prett fir heem ze fueren an hien ass an der russescher Uniform a mat der pelze Kap um Kapp op d'Gare op den Zuch gefouert ginn. Et war en Urlauberzuch mat Amerikaner. Ee vun hinnen huet säi Käppi géint dem Marcel seng russesch Pelzekap getosch. Elo wier de Marcel och nach bal Amerikaner ginn.

Zu Paräis krut hie geroden op Lonkesch, also Longwy, ze fueren. Well de Marcel net kënneg war, ass hie schonn zu Longuyon aus dem Zuch geklommen. An der Spär huet de Schaffner him du virgeschloe bis owes ze waarde wou e lëtzebuerger Maschinnist mat Marchandisen op Rodange fuere géing. Dee

kënnt hie jo mathuelen.

Zu Rodange huet dem Marcel säi Papp mam Motto op hie gewaart a si sinn endlech heem gefuer.

Esou koum de Marcel als éischten aus der russescher Gefaangeschaft zréck. Et war de 6. Mee 1945 an hie konnt d'Lager vun Tambow a vu Kiew uginn, wou nach Lëtzbuerger gefaang waren. Si koumen duerno och erëm heem.



Wéi de Marcel 1946 seng Gesellеprüfung als Schräiner gemaach hat, ass e vun der Lëtzebuerger Arméi agezu ginn. Elo krut hien d'Chance nach 10 Méint laang endlech och emol d'lëtzebuergesch Uniform ze droen.

*Agnès KRALJ-MAJERUS*